N°1493
Entrée le 08.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation
et de la Viticulture 8
Référence : 718/2024
11 NOV. 2024
A traiter par :
Copie à :

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Energydrinks si bei Jugendleche ganz beléift. Si si séiss an den Design schwätzt besonnesch Jonker un. De Marketing ass staark op dës Zilgrupp ausgeriicht, sou dass de Konsum vun dësem koffeinhaltege Gedrénks staark an d'Luucht gaangen ass. Enger Ëmfro vum däitsche Forschungsinstitut "forsa" no drénkt an Däitschland all drëtte Jonken tëscht 14 an 18 Joer reegelméisseg Energydrinks.

Wéint deem héije Koffeingehalt bréngt dëse Konsum serië Gesondheetsrisike mat sech. Besonnesch a Kombinatioun mat Alkohol oder bei sportlechen Aktivitéite kann et zu Häerzproblemer, Krämp oder Niereversoe kommen. En hallwe Liter vun engem Energydrink enthält eleng méi Koffein, wéi e Jonke vu 50 Kilo oder manner sollt an engem Dag drénken.

Konsumenteschutzorganisatioune fuerderen dofir e Verbuet, fir Energydrinks u Mannerjäreger ze verkafen. An enger Rei vun europäesche Länner gëtt et schonn entspriechend gesetzlech Aschränkunge vum Verkaf vun Energydrinks, wéi zum Beispill a Polen, Rumänien, Litauen a Lettland.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen stellen:

- Gëtt et zu Lëtzebuerg Donnéeën, wéi de Konsum vun Energydrinks vu Kanner a Jugendlechen sech an de leschte Joren entwéckelt huet?
- Wéi schätzen d'Ministeschen de Gesondheetsrisiko vun Energydrinks fir d'Gesondheet vu Jonken an?
- Ass d'Madamm Gesondheetsministesch der Meenung, dass zu Lëtzebuerg de Verkaf vun Energydrinks u Mannerjäreger sollt verbuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

Paulette Lenert
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1493 vum 8. November 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madame Paulette Lenert.**

- *Gëtt et zu Lëtzebuerg Donnéeën, wéi de Konsum vun Energydrinks vu Kanner a Jugendlechen sech an de leschte Joren entwéckelt huet?*

Am Moment ginn et zu Lëtzebuerg keng Donnéeën iwwert de Konsum vun Energydrinks bei Kanner a Jugendlechen. Et sinn Reflexiounen amgaang mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Université de Luxembourg fir Froen zu dësem Thema an d'Studie *Health Behaviour in School-aged Children* (HBSC) 2025-2026 z'integréieren.

– *Wéi schätzen d'Ministeschen de Gesondheetsrisiko vun Energydrinks fir d'Gesondheet vu Jonken an?*

An den Energydrinks ass vill Zocker a syntheeteschen oder natierleche Koffein. Des Kompositioun huet eng ureegend Wierkung op de ganze Kierper, wat zu Schlofproblemer, Nervositéit, Ängschten, Kappwéi a Gedächtnisproblemer féiere kann. Den Zocker kann doriwwer eraus zu Iwwergewiicht an Zännproblemer féieren. En exzessive Konsum kann zu Problemer vum Häerzkreeslaf, vum Nervesystem oder zu psychesche Verhalensstéierunge féieren.

An enger Publikatioun vun 2015 vun der Europäescher Liewensmëttel Agence EFSA (European Food Safety Agency) ass déi maximal Quantitéit u Koffein déi ouni Bedenken opgeholl ka ginn, 3mg/kg Kierpergewiicht fir een 70 kg schwéieren Erwuessenen aus allen verschiddenen Quellen vun Liewensmëttel.
Fir Kanner an Jugendlecher ginn et net genuch d'Donnéeën fir een sécheren maximal Koffeingehalt kennen unzeginn. Generell ass den Konsum vu Koffein bei Kanner ofzeroden.

– *Ass d'Madamm Gesondheetsministesch der Meenung, dass zu Lëtzebuerg de Verkaf vun Energydrinks u Mannerjäreger sollt verbuede ginn?*

Den Ministère ass am gaang un enger "Stratégie de Prévention" ze schaffen wou Aktiounen iwwer méiglech Campagnen a Mossnahmen zur Reduzéierung vun den Auswierkungen vun onéierlechem respektiv onspezifeschem Marketing am Iessberäich wäerten mat ugeschwat ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez